



Sommaire

- 6063 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à l'évacuation et à l'épuration des eaux usées générées par les communes de la Moselle inférieure
 - Rapport de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police: M. Raymond Weydert
 - Discussion générale: M. Carlo Wagner, M. Ben Scheuer, M. Henri Kox, M. Gast Gibéryen
 - M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région, M. Gast Gibéryen
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 5954 - Projet de loi relatif aux droits de succession et de mutation par décès et modifiant
 - la loi modifiée du 27 décembre 1817 sur le droit de succession
 - la loi modifiée du 7 août 1920, sur la majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession
 - la loi du 31 janvier 1921 concernant modification de l'article 22 de la loi du 7 août 1920, sur la majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession
 - la loi modifiée du 13 juin 1984 portant révision de certaines dispositions législatives régissant la perception des droits d'enregistrement, de succession et de timbre
 - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Gilles Roth
 - Discussion générale: M. Fernand Etgen, M. André Hoffmann
 - M. Luc Frieden, Ministre des Finances
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 5872 - Projet de loi relative à la profession de l'audit et:
 - portant transposition de la directive 2006/43/CE du Parlement européen et du Conseil du 17 mai 2006 concernant les contrôles légaux des comptes annuels et des comptes consolidés et modifiant les directives 78/660/CEE et 83/349/CEE du Conseil, et abrogeant la directive 84/253/CEE du Conseil,
 - portant organisation de la profession de l'audit,
 - modifiant certaines autres dispositions légales, et
 - portant abrogation de la loi modifiée du 28 juin 1984 portant organisation de la profession de réviseur d'entreprises
 - Rapport de la Commission juridique: M. Gilles Roth (dépôt d'une motion)
 - Discussion générale: M. Xavier Bettel, M. Jean-Pierre Klein, M. Jacques-Yves Henckes, M. Félix Braz
 - M. François Biltgen, Ministre de la Justice
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - Vote sur la motion (adoptée)
- 6064 - Projet de loi portant modification de la loi du 21 juillet 2006 autorisant le Gouvernement à organiser des classes internationales préparant au diplôme du Baccalauréat international
 - Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports: M. Fernand Diederich
 - Discussion générale: M. Jean-Paul Schaaf, M. André Bauler, M. Claude Adam
 - Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, M. Fernand Kartheiser, Mme Mady Delvaux-Stehres
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6031 - Projet de loi modifiant et complétant
 - la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;
 - la loi modifiée du 27 janvier 1972 fixant le régime des employés de l'État;
 - la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;
 - la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique
 - Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Simplification administrative: M. Paul-Henri Meyers
 - Discussion générale: M. Fernand Etgen, M. Jean-Pierre Klein, M. Claude Adam, M. Gast Gibéryen (dépôt d'une motion), M. André Hoffmann
 - Mme Octavie Modert, Ministre déléguée à la Fonction publique et à la Réforme administrative
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - Motion 1: M. Claude Adam
 - Vote sur la motion (rejetée)
- Discours de fin d'année de M. le Président
 - M. le Président
 - M. Jean-Louis Schiltz, Mme Octavie Modert, Ministre aux Relations avec le Parlement

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Octavie Modert et Françoise Hetto-Gaasch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung, déi nach net vertrueden ass, eng Kommunikatioun ze maachen?

Dat ass also net de Fall.

Als éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut hu mer de Projet de loi 6063 iwwert de Bau vun enger Kläranlag op der Ennermusel. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht, an et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: déi Häre Wagner, Scheuer, Kox a Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Raymond Weydert. Här Weydert, Dir hutt d'Wuert.

1. 6063 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à l'évacuation et à l'épuration des eaux usées générées par les communes de la Moselle inférieure

Rapport de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police

► **M. Raymond Weydert (CSV), rapporteur.**- Här President, Kolleeginnen a Kollegen, Här Minister, éier ech op d'Substanz vum virleiende Projet aginn, wëll ech net laang Zäit verléiere mat den Antécédents. An duerfir invitéieren ech lech all, dës a mengem schréftleche Rapport nozeliesen, wann d'Detailler lech interesséieren.

Den Objet vun dësem Projet ass d'Sanéiere vum Ofwaasser vun den Uertschaften aus der Region vun der Ennermusel, dat Ganz mat engem Réseau vu Kollektoren an enger grousser Kläranlag an der Industriezon vum Mäerterter Hafen um Territoire vun der Gemeng Gréiwemaacher. Concernéiert si fënnef Gemengen: Stad-briedemes, Wuerner, Lenneng, Gréiwemaacher a Mäertert/Waasserbëlleg. Ech erspueren lech et elo, déi eenzel Dierfer opzezielen.

An enger Optik vun der Rationaliséierung vun den öffentliche Investissementer gesäit dësse Projet awer och de Bau vu Sanéierungsmoossnamen am Mäerterter Hafe vir souwéi den Uschloss vun deenen do ugesiedelte Betriber un déi nei Kläranlag. Des Weidere gëtt déi grouss Autobunnraststätt vu Waasserbëlleg un d'Kläranlag ugeschloss.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Ennermusel ass déi lescht gréisser Region hei am Land, déi nach net iwwer eng biologesch Rengung vun den Ofwässer verfügt. Dëst heescht awer op kee Fall, dass ni Ustrengunge gemaach gi sinn, fir eng Ofwaasserléisung erbäizeféieren. Erlaab mir duerfir, kuerz e Réckbléck ze maachen op de laangen Historique, deen dës Kläranlag méttlerweil huet.

Schonn an de 60er Jore vum leschte Jorhonnert si Projete virgeluecht ginn, fir zu Gréiwemaacher bei dem Tennisterrain eng Kläranlag opzerichten. Well am Ennermuseldall awer ëmmer méi Uertschaften un déi Kläranlag sollten ugeschloss ginn, ass et ëmmer méi schwéier ginn, fir e géeeegente Site ze fannen, fir d'Kläranlag ze bauen. Ufank den 90er Jore war en zweete Site zu Gréiwemaacher no bei der Mäerterter Autobunnstreck am Gespréich. Mä dësse Projet ass fale gelooss ginn, well et ze no un de Wéngerte louch.

1997 war e Projet fir eng Kläranlag am Mäerterter Hafen ausgeschafft ginn, déi awer just d'Kläre vum Ofwaasser vun de Gemenge Gréiwemaacher a Mäertert virgesinn huet.

1999 huet déi Wuerner Gemeng hiren Interessi manifestéiert, eng Kläranlag zesumme mat de Gemenge Gréiwemaacher a Mäertert ze bauen, awer nëmme fir d'Ofwaasser aus der Uertschaft Meechtem. Dëst war och de Startschoss fir Gespréicher, déi sollten zu engem eenzegen interkommunale Syndikat féiere fir engersäits d'Verdeelung vum Drénkwaasser an anersäits d'Kläre vum Ofwaasser. Well

dës Gespréicher awe r leider net zum gewünschten Zil gefouert hunn, ass dunn emol de SIDERE, en interkommunale Syndikat fir d'Drénkwaasserverdeelung, gegrënnt ginn.

Eng Analyse comparative aus dem Joer 2001 hat verschidde méiglech Sitë fir eng Kläranlag fir Meechtem, Maacher a Mäertert uginn. Op der Hëttermillen sollt eng Anlag fir d'Ofwaasser vu Stad-briedemes bis op Ohn entstoën. Dat ass awer och fale gelooss ginn.

Schlussendlech huet am Joer 2004 de Regierungsrot sech fir en eenzege Site am Hafe vu Mäertert op dem Terrain vun der Gemeng Gréiwemaacher ausgeswat. Am selwechte Joer huet och d'Gemeng Lenneng hire Wonsch geäussert, bei dësem Projet matzemaachen.

Et huet also missen eng Struktur geschafeginn, fir dee gemengeniwwerschreidende Projet aus den Uertschaften vun deene fënnef concernéierte Gemengen ze realiséieren. Esou ass am Joer 2007 de regionalen Ofwaassersyndikat SIDEST vu 17 Gemengen aus dem Osten an dem Zentrum vum Land gegrënnt ginn, fir dësse Projet souwéi och aner Projeten am Beräich vun der Ofwaasserbehandlung an der ganzer Region duerchzuführen.

Fir dësse Projet op der Ennermusel huet de SIDEST den 8. Dezember 2008 e Contrat de bail mat der Hafegesellschaft ofgeschloss, esou dass déi konkret Planung konnt endlech ufänken.

Här President, Kolleeginnen a Kollegen, firwat ass dësen zesammenhängende Projet esou wichteg? Haut fléissen all d'Ofwässer vun den Uertschaften vun der Ennermusel ouni Rengung an d'Musel, wat net konform ass zur europäescher Richtlinn 91/271/CEE vum 21. Mee 1991, wou virgeschriwwen gëtt, dass all Uertschaften iwwer 2.000 Awunnergläichwäerter bis spëtestens 2005 op d'mannst biologesch gereengt misste ginn, an Uertschaften iwwer 10.000 Awunnergläichwäerter missten nach eng zousätzlech Nährstoff-Eliminatioun duerchführen.

Ee Verstoussverfahren duerch d'Netanhale vun dëser Richtlinn ass zurzäit amgaang, an deem natierlech och dësse Projet viséiert ass. Duerfir huet d'Regierung dëst Joer an hirem Programm festgehalten, fir déi Moossnamen, wouzou dësse Projet och gehéiert, prioritär ze behandelen, a fir och eng gutt Waasserqualitéit bis 2015 ze erreechen. Esou ass et och am Waassergesetz vum 19. Dezember 2008 virgesinn, dat jo bekanntlech d'Objektiver vun der Direktiv 2000/60/CE ëmsetzt.

Dësse groussse Projet beinhalt den Uschloss vun den Uertschaften aus de fënnef concernéierte Gemengen un d'Kläranlag, déi fir eng Rengungscapacitéit vu 47.000 Awunnergläichwäerter am Hafe vu Mäertert ausgeluecht ass. Dobäi sinn 2.800 Awunnergläichwäerter fir Stad-briedemes, 8.000 fir Wuerner, 3.400 fir Lenneng, 13.600 fir Gréiwemaacher a 15.000 fir Mäertert/Waasserbëlleg virgesinn.

Och sollen 1.800 Awunnergläichwäerter bereet gehale ginn, fir Schlämm unzehuele vu mechanesch Anlagen oder vu chemesch Toiletten. Enger Belaaschtung vu 6.300 Awunnergläichwäerter aus dem Wäibäu gouf och Rechnung gedroen. Dorranner sinn awer net déi staark verschmotzten Trübstoffer aus der Wäinhierstellung enthalen, déi an de Méint September bis Dezember an der Kellerwirtschaft ufalen. Dës mussen iwwer en anere Wee entsuergt ginn.

Fir d'Realiséierung vum gesamte Projet mussen 35 Kilometer Ofwaassersammler, 18 Reewaasserbehandlungsbaséngen an néng Pompelstatiounen laanscht d'Musel gebaut ginn, fir d'Ofwaasser bis op de Site vun der Kläranlag ze bréngen. All Kollektore



laanscht d'Musel sollen zesumme mat dem Stroossebau respektiv mat dem Uleeë vun der Vëlospist gemaach ginn, wat natierlech wirtschaftlech gesi méi interessant ass.

Och ass virgesinn, déi provisoersch Kläranlag vun der Aire de Wasserbillig kuerz-zeschléissen an dat staark belaschtend Ofwaasser och un déi nei Kläranlag unzeschléissen. Och sollen d'Ofwässer vun de Betriber - wéi ech scho sot - am Hafe vu Mäertert iwwer e lokale Réseau gesammelt ginn an iwwert d'Kläranlag fléissen.

Well d'Kläranlag direkt nieft den touristeschen a Fräizäitinstallatiounen vun der Stad Gréiwemaacher läit, mussen d'Bauwierker all agehaust ginn an d'Ofloft behandelt ginn, fir d'Noperschaft net ze belästegen.

Wat elo de finanziellen Ënnervolet ugeet, beleeft sech de ganzen Investitiounsvolumen op ronn 101 Milliounen Euro. Engersäits entfalen dovun 65,4 Milliounen Euro op de Sammlersystem, deen aus de Pompelstatiounen besteet, de Reebehandlungsbaséngen an de Kollektoren. Dës ginn dann och zu 90% subventionéiert iwwert de Waasserfong, an zwar mat 54,3 Milliounen Euro.

D'Erneuerung vum Stroossebelag an d'Oféierung vum Stroossereewaasser ginn iwwert de Stroossefong bezuelt, wat dann 1,5 Milliounen Euro ausmécht. Anerersäits sollen och Moosname geholl ginn, fir dat proppert Waasser aus de Schmotzkanäl erauszehalen. Dës Moosname ginn op 4,2 Milliounen geschätzt a ginn zu 50% iwwert de Waasserfong bezuschusst.

Des Weideren ass och virgesinn - wéi scho gesot -, fir d'Autobunnraststätt vun der Aire de Wasserbillig unzeschléissen. Do beleeft sech de Käschtepunkt op 960.000 Euro. Fir d'Betriber am Mäerterter Hafe beleeft sech de Käschtepunkt op 752.000 Euro. Dat gëtt iwwert den Article budgétaire 52.1.73.020 vum Bauteministère bezuelt.

Finalement, wat d'Kläranlag selwer ugeet, gëtt do mat Ausgabe vu 34,8 Milliounen Euro gerechent, woubäi 29,5 Milliounen iwwert de Waasserfong bezuschusst solle ginn an 2,6 Milliounen iwwert de Fonds des routes, fir d'Quote-part vun 3.500 Awunnergläichwäerter vun der Aire de Wasserbillig ofzedecken.

Dësen ambitiëse Projet, dee sech iwwer zwielef Joer wäert hinzéien, mat engem gesamtem Käschtepunkt - wéi ech scho sot - vun 101 Milliounen, woubäi de Stat mat 89,6 Milliounen intervenéiert, gëtt vum nach relativ jonken a performanten Ofwaassersyndikat SIDEST koordinéiert an ausgeféiert, an dat an Zesummenaarbecht mat verschiddene Bureaux d'études.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, erlaabt mer, fir ofzeschléissen, nach e Wuert zu den Avisen, déi zu deemem Projet erakomm sinn. Souwuel d'Chambre des Métiers wéi d'Chambre de Commerce an och de Statsrot begrëssen dëse Projet a gesinn et och als richtig un, d'Aarbechten elo am Moment vun der Wirtschaftskris virunzudreiwen an domadder eis Betriber ze ënnerstëtzen.

Wéi Der gesitt, hu mir et hei mat engem ganz groussen Investitiounsprojet ze dinn, deen et erlaabt, ee vun de leschte Maillonen an der Ofwaasserrengeung hei am Land zouzemaachen. Ouni Zweifel wäerten d'Fëschbestänn an der Musel souwéi d'ganz Flora a Fauna am Museldall vun der beschter Waasserqualitéit profitéieren. Aus deem an all deenen anere Grënn, déi ech elo am Laf vu mengem Exposé opgezielt hunn, bieden ech lech, dëse bedeitende Projet ze stëmmen.

Ech ginn och den Accord vu menger Fraktioun zu deemem Projet.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Rapporteur Merci. Als éischte Riedner ass den Här Carlo Wagner agedroen. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Carlo Wagner (DP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëllt ufanks direkt dem Rapporteur, dem honorabelen Här Raymond Weydert, félicitéieren fir säin exzellenten an explizite mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Här President, 1961 huet d'UdSSR mam Juri Gagarin deen éischte Mënsch an de Weltall geschéckt. An hei zu Lëtzebuerg? Mä do ass e puer Méint virdrun deen éischte Projet virgeluecht ginn, fir eng Kläranlag am ënneschte Laf vun der Musel ze bauen. An der Zwëschenzäit ass de Mënsch um Mound gelant, et gëtt benannt Raumstatiounen am All a mir hu Sonden op de Mars an op d'Venus geschéckt. An zu Lëtzebuerg? Do diskutéiert d'Parlament elo bal 50 Joer no dem éischte Projet endlech iwwert de Projet de loi fir de Bau vun enger Kläranlag op der Musel!

Här President, wann den technesche Fortschritt esou séier géif virugeen wéi d'Aarbechten an deemem Dossier, ech sinn iwwerzeugt, da géif d'Mënschheet d'Stären nach haut vun ënne misse kucken. Et ass dofir mat engem gemëschte Gefill, wou ech haut hei schwätzen.

Natierlech ass d'DP frou, dass endlech de Wee fräi ass, fir eng Kläranlag zu Gréiwemaacher ze bauen, mä et ginn awer och e puer Bémolen, déi een hei muss ufügen.

Déi 50 Joer Diskussiounen weisen, wéi schwéierfällg eist Land ginn ass, wa Projekte mussen op de Wee bruecht ginn, wou ënnerschiddlech Verwaltungen, de Stat an d'Gemeinde mussen un engem Dësch setzen. De Schued dréit an deemem Fall eis Natur. Awer net nëmmen.

Wéi wëlle mer Touristen an eist Land bréngen, wa Lëtzebuerg an de Schlagzeile steet, well mer elo e bloe Brëif vu Brëssel kréien? Wéi wëlle mer Touristen an eist Land kréien, wa mer vun der EU kritiséiert ginn, dass mer d'Qualitéit vun eise Gewässer net kënnen garantéieren? Do kënnen mer nach esou vill Imagecampagnen an der Groussregioun maachen; e bloe Brëif, an all Ustrengunge sinn hin.

Déi geplangte Kläranlag soll dann elo och an d'Géigend vun enger vun den Haaptattraktiounen vu Maacher, dem sougenannte Päiperlékshaus, kommen. Et wäert wuel eng vun deene groussen Erausforderunge vun deemem Projet ginn, fir dass mer dës Anlag esou kompakt wéi méiglech bauen, fir kënnen déi negativ Auswierkungen op d'Ëmgéigend ze minimiséieren. Nëmme wann dat geléngt, wäert et keng negativ Répercussiounen op den Tourismus ginn.

Déi laang Planungs- an awer och Realisatiounszeit werft awer och nach aner Froen op. Wéi wëlle mer et do fäerdeg bréngen, um leschte Stand vun der Technik ze bleiwen? Déi geplangten Installatioun wäert eleng 25 Kilometer Drockleitung laanscht d'Musel hunn, néng Pompstatiounen - de Rapporteur huet et scho gesot -, 18 Rückhaltebecken.

Op ville Plazen am Land geet den Trend awer nees och a Richtung vu méi klengen Anlagen am Plaz vun enger grousser. D'Fro stellt sech also, ob dës am virleiende Fall net och de bessere Choix gewiescht wär.

Och stellt d'DP an deemem Kontext d'Fro, wéi et mat deene villen anere Kläranlagen am Land ausgesäit, déi moderniséiert misste ginn. Ech hu mer soe gelooss, vun 270 Kläranlagen missten der iwwer 100 reparéiert oder souguer ofgerappt an ersat ginn. Wéi gesäit et also um nationale Plang aus? Mä vläicht kann den Här Minister eis herno dozou e puer Wuert soen.

An da wësse mer haut och schonn, dass de Bau vun den Ofwaasserleitungen laanscht de Muselkanal wäert schwierg ginn, opgrond vun de Buedemgegebenheiten op der Musel. Do nämlech hu mer schonn negativ Erfahrung mat deene Buedembeschafenheete gemaach bei groussen Infrastrukturprojeten.

Ech wëll just un den Tunnel Markusbieregrënnen, wou regelméisseg Waasserinfiltratiounen derzou féieren, dass den Tunnel muss zougemaach ginn, fir de Stroossebelag ze flécken. Op nationalem Plang hu mer jo och bei der Nordstrooss erlieft, wéi d'Buedembeschafenheet e Projet kann ophalen an och zur gläicher Zäit d'Käschten an d'Luucht driewen.

Här President, ech wëll zum Schluss awer och nach betounen, wéi wichteg et war, dass sech 17 Gemengen zesumme fonnt hunn an deen interkommunale Syndikat SIDEST gegrënnt hunn. Nëmme esou war et méiglech, en Direkter mat deem néidege Fachwëssen an der Persoun vum Här Jean-Marie Ries anzustellen, dank deem senger Hëllef a sengem Engagement déi gesetzlech Prozeduren endlech konnte schnell weidergoen. An dat huet och erlaabt, dass mer haut kënnen dee Projet hei stëmmen.

Ech wëll awer och net vergiessen, fir hei de Gréiwemaacher Gemengerot a ganz besonnesch awer och de Schäfferot ze luewe fir seng Bereetschaft, well et ass net ëmmer ganz evident, dass eng Gemeng bereet ass, fir eng Kläranlag fir aner Gemenge mat op hiren Terrain ze huelen.

Dat gesot, Här President, ginn ech selbstverständlech den Accord zu deemem ganz wichtegem Projet fir d'Musel. E Projet, wéi gesot, wou mer jorzéngtelaang drop gewaart hunn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Wagner Merci. Als nächste Riedner ass den Här Scheuer agedroen. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Ben Scheuer (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no der Uewermusel kritt och elo endlech d'Ënnermusel eng Kläranlag. Zënter der Kanaliséierung vun der Musel ass no enger Plaz an no engem rationelle Konzept gesicht ginn, fir deen heite Projet ze realiséieren. E groussen ekologesche Schwaachpunkt vu Lëtzebuerg gëtt elo behuuewen. Selbstverständlech net vun haut op muer, mä am Laf vun deenen nächsten zwielef Joer soll eng Kläranlag mat deem Netz vun de Kollektoren an Opfangbecken komplett fäerdeg sinn. D'Gemeinde ginn no an no ugeschloss.

Ech soen dem Rapporteur, dem honorabelen Här Raymond Weydert, Merci fir de komplette schrëftlechen a mëndleche Rapport, dee mir et erlaabt, fir mech op déi Haaptaspekter ze beschränken, déi besonnesch interessant sinn: éischstens, d'Plaz; zweetens, d'Capacitéit; drëttens, d'Gestioun.

Zur Plaz. Et war an der Diskussioun, fir d'Kläranlag bei d'Autobunn tëschent Mäertert a Maacher ze bauen. Dann hätt misse vun der Musel eropgepompelt gi wéinst deem groussen Héichtenënnerschied. Dat wier technesch zwar méiglech gewiescht, mä enorm deier ginn.

Eng zweet Méiglechkeet, géint déi eng Ënnerschrëftesammlung gelaf ass, war, fir de Komplex Kläranlag an de Wäibauperimeter tëschent Mäertert a Maacher ze implanteréieren. Déi Kombinatioun vu Schmotzwaasserentsuergung an Drauwen zille wär net glécklech gewiescht an ass op Drock hi fale gelooss ginn.

An als drëtt a lescht Méiglechkeet ass dunn den Hafenaareal bliwwen. Iwwert dës Lösung waren d'Hafengesellschaft an och de Wirtschaftsministère net ganz glécklech. Den Areal ass schlusslech en Deel vun där Industriezon, an där Betriber sollen ugesiedelt ginn, déi mat dem Transport um Waasser, mat der Schëfferei ze doen hunn.

D'Entscheidung ass elo gefall, an d'Fro no engem méiglechen Ausbau vum Mäerterter Hafe wäert an deenen nächste Wochen och hei an der Chamber gestallt ginn am Kader vun anere Gesetzer.

Zur Capacitéit. D'Kläranlag huet eng Capacitéit vu 47.000 Einwohneregläichwäerter fir eng Populatioun vun 19.359 Leit. Si entsuergt néng Uertschaften aus fënnf Gemengen, a si entsuergt och Industrie- respektiv Gewerbezon: den Hafe selwer, Potaschbiere, d'Aire de Wasserbillig, dat heescht d'Grenzstatioun op där Autobunn mat där grousser Makadamfläch. Dës Kläranlag ass wierklech e grouse wichteg regionale Projet. Et huet laang, ze laang gedauert, bis datt e konnt realiséiert ginn.

E puer Wuert zu der Gestioun vun der Kläranlag. De Gemengesyndikat SIDEST iwwerhëlt d'Gestioun. De Syndikat regroupéiert am Moment 17 Gemengen. Déi nei Kläranlag gëtt also vun engem grouse performante Syndikat geleet, professionell vu Spezialisten.

Am Laf vun deenen nächsten zwielef Joer gëtt also op der Route du vin an am Hannerland vun der Musel vill geschafft. Ech wollt de Minister froen, ob am Kader vun deenen Aarbechte profitéiert gëtt, fir aner Infrastrukturen ze bauen, wéi zum Beispill eng Vëlospist laanscht d'Musel, déi zënter Joren an der Diskussioun ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Ofwässer, déi an d'Our an an d'Sauer ginn, si gekläert. Déi lescht Chamber huet d'Kläranlag fir d'Uewermusel gestëmmt, a mir stëmmen elo déi fir d'Ënnermusel. Wat d'Propretéit vun eise Grenzflëss ugeet, brauche mir ons net méi ze schummel vis-à-vis vun eisen däitschen a franséischen Noperen. Selbstverständlech stëmmt d'LSAP dëse Projet.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Scheuer Merci. Als nächste Riedner ass den Här Kox agedroen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Här President, dann als véierte Miseler, well de Rapporteur ass jo och scho bal en hallwe Miseler, deem ech heimadder wëllt Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, et ass praktesch alles scho gesot ginn zu deemem Projet, esou dass ech mech a sech och wëll kuerzfaassen. Ech hoffen, dass dee Projet, deen als éischt op zwielef Joer ugesat ass, och dann esou séier wéi méiglech ëmgesat gëtt, an dass mer dann och endlech dovunner kënnen dreemen, dass mer, wéi den Här Minister gesot huet op enger aner Veranstaltung, an d'Musel erëm eng Kéier de Kappsprong kënnen maachen.

Ech wëll awer vläicht nach op puer Saachen agoen. Virdrun huet den Här Wagner dervu geschwat, dass mer eis schweiergedoen hunn, fir dee Projet hei ëmzesetzen. Ech muss awer drun erënneren, dass a sech d'Musel ni eng Prioritéit duergestallt huet, fir eng Kläranlag dohinner ze kréien.

Firwat keng Prioritéit? Ma well d'Ofwaasser natierlech vun de Muselgemengen an eng immens héich Capacitéit vun engem Floss eragaangen ass, a mer ëmmer gesot hunn: Okay, d'Musel wäert eis dat da scho léisen. Dofir sinn a sech am Land éischter déi kleng Flëss virgeholl ginn, fir dat da kënnen ëmzesetzen.

Ech muss awer och do, mengen ech, dem Här Wagner widdersprechen oder en zumindest ergänzen. Wa mer den Drock vu Brëssel net esou gehat hätten, fir eben an deem Beräich eppes ze maachen, fäerten ech, da wäert mer op der Musel nach net allze wäit, dann hätte mer eis nach ëmmer op déi Musel verlooss, fir eist Ofwaasser vun de Muselgemenge kënnen lasszeginn. Mir hunn eis a sech vill ze laang an d'Täsch gelunn, well d'Käschten hu mer der Ëmwelt iwwerlooss, esou an der Hoffnung, dass dat och alles kann do gemaach ginn.

Ech wollt awer just kuerz op een Avis agoen, den Avis nämlech vum Statsrot, well en am Avis och do falsch eriwierkomm ass. Nämlech de Statsrot huet a sengem Avis geschriwwen, dass d'Käschten oder d'Differenz vun de Käschte vun deenen zwou Kläranlagen op der Musel extrem ënnerschiddlech wäeren, an en huet bemängelt, dass insbesondere d'Kläranlag vun der Uewermusel a sech ze deier wär.

Mir hunn an der Kommissioun doriwwer diskutéiert an och debattéiert, an et ass ganz kloer erauskomm, dass de Statsrot do falschläit an dass en do a sech Äppel mat Biere verglach huet. Nëmme zum Verglach: D'Kläranlag vun der Uewermusel kascht dann 2.600 oder 2.800 Euro pro Awunnergläichwäert; déi vun der Ënnermusel 1.900 pro Awunnergläichwäert.

Et kéint een also a sech de Schluss zéien, dass d'Kläranlag vun der Uewermusel vill ze deier wär. An der Kommissioun hu mer dann natierlech doriwwer diskutéiert, dass zum Beispill eng Kläranlag am Norde 4.000 Euro pro Awunnergläichwäert kascht.

A sech ass dee Verglach falsch. An duerfir wëll ech och dat, mengen ech, riichtbéien. Nämlech d'Waasserwirtschaftsverwaltung huet mëttlerweile a ganz gutt Instrument, fir eben déi ënnerschiddlech Kläranlagen mateneen ze vergläichen. Si ginn a sech vun Eenheitspräisser pro Bauwierk aus.



Wann een eng Kläranlag wëllt matenee vergläichen, da muss ee vun den Eenheitswäerter vun de Bauwierker, vun der Längt vun de Kollektoren, vun de Réckhaltebecke vum Reewaasser an esou weider ausgoen. An da gesäit de Verglach natierlech ganz anescht aus. Esou dass een d'Kläranlagen net op hire grouss Wäert oder den Endwäert ka vergläichen, mä wierklech déi eenzel Bauwierker matenee soll vergläichen.

Ech wëll awer dann och dervu profitéieren... Den Här Gusty Graas schreift ëmmer an hirer Fëscherzeitung, dass d'Musel nach ëmmer net propper wär. Natierlech ass se nach net propper, mä zumindest d'Kläranlag vun der Uewermusel ass elo am Probebetrieb. Säit dräi Woche funktionéiert se mat den Ofwaassere vu Réimech a vun Nenneg; also Nenneg vis-à-vis vu Réimech. A wann dee Probebetrieb gutt eriwwegeet, da kënnt Der dann ab dem 1. Februar zumindest op der Héicht vu Réimech unbedenklech mat Äre Fëscher dohinner erëm ouni Problemer fësche kommen.

Ech wëll zum Schluss dem Rapporteur an natierlech och dann dem Syndikat SİDEST alles Guddes wënsche fir e schnellt Ëmsetze vun dësem Projet a ginn natierlech dann den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Kox Merci. Als leschte Riedner ass den Här Gibéryen agedroen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat hei ass e Projet, wou bis elo nëmme Kolleegen aus dem Osten erausgaange sinn, mä vu datt mäi Kolleeg Roby Mehlen net méi ënner eis ass,...

(Interruption)

...muss da vun eis een aus dem Süden erausgoen, deen awer am Oste gebuer ass.

(Interruption)

Voilà! Här President, ech wëll och fir d'éischt vun eiser Säit aus dem Kolleeg Raymond Weydert Merci soe fir säi mëndlechen a virun allem och säi schrëfleche Rapport iwwert dëse Projet, mengen ech, wou mer alleguer heibanne frou sinn, datt mer en haut hei kënne diskutéieren an och stëmmen.

Eng Kläranlag fir d'Ënnermusel fir d'Gemenge Stadtbriedemes, Wuermer, Lenneng, Maacher a Mäertert souwéi den Hafe vu Mäertert an d'Autobunnstatioun vu Waasserbëlleg, déi elo alleguer un dës grouss Kläranlag vun der Ënnermusel sollen ugeschloss ginn. Et muss ee wëssen, datt bis elo - an dat huet de Rapporteur och gesot - de Gros vun deenen Ofwässer aus där Géigend ongekläert oder nëmme zum Deel gekläert an d'Musel gelaf sinn.

Bei deem Projet hei schwätze mer vun enger Kläranlag mat engem relativ groussen, importente Chiffer vu ronn honnert Milliounen Euro, wat ëmmerhin, wa mer zréckdenken, véier Milliarden ausmaachen. Do gesäit een, wéi vill datt an de Buedem investéiert gëtt. An et ass jo net nëmme d'Kläranlag, mä dat sinn och déi Kollektoren, déi zur Kläranlag féieren; et sinn d'Reckstaubecken; et sinn d'Pompelstatiounen. Alles dat, wat mat enger Kläranlag zesummenhänkt.

Ganz dacks hunn d'Politiker jo d'Tendenz ze investéieren a Projeten, déi iwwert dem Buedem stinn, déi ee gesäit an déi een och méi flott aweihe kann, wou d'Leit méi kënne profitéieren. Mä déi hei Projekte sinn op d'mannst esou wichteg wéi déi Projeten iwwert dem Buedem, well se nämlech eiser Natur zeguttkommen. An duerfir ass et wichteg, datt mer eis och bewusst sinn, datt mer dës Kläranlage musse bauen.

Mir hunn an de leschte Wochen heibanne ganz vill iwwert d'Prioritéite geschwat, wat d'Investitiounen ubelaangt. Fir eis als ADR ass d'Investitioun an d'Kläranlag eng vun deenen éischte Prioritéiten, déi muss bäibehal ginn a wou mer net dierfen drop bremsen.

Et ass eiser Meenung no scho quasi bal blamabel fir e Land wéi Lëtzebuerg, wat

sech no baussen ëmmer als eent vun deene räichste Länner vun der Welt presentéiert, datt mir momentan nach net all eis Ofwässer hei am Land gekläert hunn.

Wann een och vun eiser Säit aus an der Vergaangenheet, an och wahrscheinlech an Zukunft, sech emol kritesch vis-à-vis vun Europa äussert, esou muss een awer soen, datt mer an dësem Projet oder an dëser Politik frou sinn, datt mer Europa hunn, well Europa eis am Fong forcéiert a gedrängt huet, fir massiv an eis Ofwaasserinfrastrukturen ze investéieren, an eis Délaien a Kritäre festgesat huet, datt mer zu bestëmmten Datumer och bestëmmte Kritäre mussen erfëllen. Dat ass zwar och gutt esou, a mer sollen eis och als Zil setzen, fir dat ze erreechen.

Ech fäerten awer ganz, datt mer dat net wäerten erreechen, well mer wëssen - an de Kolleeg Carlo Wagner huet et elo éinescht hei ugedeit -, datt mer 50 Joer heirunner gedoktert hunn. An alleguer déi, déi gemengepolitesch Responsabilitäten hunn, wëssen, wéi laang datt et hei am Land dauert, bis bei enger Kläranlag am Fong den éischte Spuetestéch gemaach gëtt. Et brauch ee vill, vill, vill méi laang an der Planungsphas, wéi een am Fong brauch fir d'Phas, fir et ze realiséieren.

Duerfir ass et awer wichteg, datt mer an déi hei Richtung investéieren, virun allem als e Land, wat och gären Tourismus heihinner zitt. An ech mengen, et ass scho blamabel, wann een als Land wëllt Tourismus heihinner kréien, virun allem och, wann ee wëllt e Campingtourismus maachen, wa mer vun eise schéine Landschaften schwätzen am Norden, am Oste vum Land, wou d'Flëss lafen, wou mer och gären hätten oder gäre gehat hunn, datt d'Leit schwamme ginn, an et muss een da soen: Bei eis dierft Der net schwamme goen, well eist Waasser net deene Kritären entsprécht, déi et nun emol ebe misst hunn, fir kënne och dra schwammen ze goen.

Ech mengen, dat ass blamabel fir eis als Land. An duerfir ass et wichteg, datt mer doranner investéiere fir engersäits eist Waasser, an dat ass dann net nëmme fir d'Leit, mä et ass och fir de Fëschbestand wichteg. Ech mengen, et soll een och dorunner denken, datt mer haut bal eis net méi kënne och trauen, wa mer emol Fësch fänken, déi ze iessen, well se aus verschmotzte Gewässer kommen. Duerfir, wéi gesot, ass et schonn enorm wichteg, datt mer doranner investéieren.

Et ass och esou, datt mer mat där Waasserwirtschaftsrichtlinn, déi mer ëmgesat hunn, wou d'Gemenge jo elo amgaange sinn, an dat héiert ee jo elo iwwerall an den Diskussiounen, datt d'Taxen ugepasst ginn, gehéicht ginn. An der Regel ass et souwuel fir d'Waasser wéi fir d'Ofwaasser.

A souwuel fir d'Waasser wéi d'Ofwaasser geet jo een Deel, eng Kéier 19 Cent an eng Kéier 10 Cent, déi un de Stat weidergeleet ginn, och an de Waasserfong. Esou datt och iwwert dee Wee d'Regierung jo am Fong garantéiert Recetten an deenen nächste Jore kritt, fir och kënne a priori dann heiranner ze investéieren, an dann och d'Garantie ze hunn, fir datt déi Investitiounen, och wa mer a Krisenzäiten eraginn, awer finanziell ofgedeckt ginn. Ech wëll net hei nach eng Kéier d'Diskussioun opmaachen iwwert de Waasser- oder den Ofwaasserpräis; dat hu mer hei gemaach. Mä ech mengen, hei kritt de Stat een Deel dovunner eran.

Ech wär awer frou, wann den Här Minister eis herno géif hei eng Rei vun Informatiounen ginn. An zwar, wann den Här Minister eis kéint herno soen, ob et en Inventar gëtt, wat nach hei am Land vu Kläranlage feelt, wat fir eng Kläranlage missten erneiert oder verbessert oder ausgebaut ginn, a wat do géif de Gesamtkäschtepunkt - dat ass sécherlech en enorme Chiffer, deen dat wäert ausmaachen - ausmaachen, an a wat fir enger Zäitspan d'Regierung virgesäit, fir déi Investitiounen virzehuelen, an awer och, ob de Minister mengt, datt mer déi vun der Europäescher Unioun virgeschriwwen Délaien a Kritären och an deenen Délaien kéinte respektéieren.

Dat sinn nach e puer Froen, déi ech un d'Regierung vun eiser Säit aus hätt. Wéi gesot, et ass e Projet, deen deier ass. Mä

et ass eng gutt Investitioun a fënnt duerfir och selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der ADR.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Gibéryen Merci. An elo kritt d'Wuert den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf.

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Vote vun dësem Projet de loi iwwer eng Kläranlag op der Ënnermusel huet sécherlech e symbolesche Charakter, well wat eng Selbstverständlechkeet misst sinn an engem Land wéi Lëtzebuerg, wat een héije PIB schreift, gëtt elo effektiv wouer. Eis Musel, déi schonn an de 60er Jore kanaliséiert gouf, gëtt elo definitiv och gekläert.

An dass dat eppes kascht, dat wësse mer alleguerten. An dass et esou laang gedauert huet, gëtt haut opgeworf. Do kann ech nëmme soen, dass do d'Regierung hire Maximum gemaach huet, dass et soll esou schnell wéi méiglech goen.

Well et muss een ëmmer wëssen - an ech mengen, den Här Gibéryen misst dat och wëssen als fréiere Gemengepapp -, dass d'Kompetenz vum Waasser bei de Gemengen ass, an och vum Ofwaasser, an dass net fir näischt de Stat oder d'Regierung am Joer 1999 an d'Budgetgesetz schreiwelooss huet, dass d'Gemengen 90% bei Kläranlage kréien, fir eben d'Gemengen ze incitéieren, dass se an dësem Beräich sollen...

(Interruption)

Ech géif gär mäin... Jo, zum Schluss.

Well et ass net fir näischt, dass d'Regierung 90% aschreiwelooss huet an d'Budgetgesetz, fir d'Gemengen ze incitéieren, dass se an deem Beräich effektiv net séier genuch weiderkommen. An haut si mer weiderkomm an haut hu mer eng kloer Strategie. Déi kéint een einfach résuméieren: An deene leschte fënnf Joer gouf esou vill wéi an deene leschte 15 Joer virdrun investéiert a Kläranlagen, wat beweist, dass et elo méi séier geet.

Mä Tatsaach ass, dass mer laang gebraucht hunn, dass et eng gewëssen Zäit gebraucht huet, bis d'Gemenge verstanen hunn, dass ee misst eng regional Approche kréien och am Kläre vum Waasser. An duerfir wollt ech Merci soen eben all deene Leit, déi sech dru bedeelegt hunn, dass definitiv elo dës Kläranlag kann haut an hei vun lech gestëmmt ginn.

Ech hu mech an der leschter Mandatsperiode vill engagéiert. Ech hu misse wivillmol mech mat der Maacher Gemeng gesinn, fir all déi Problemer, déi do nach waren, ze klären, dass dee Standuert konnt definéiert ginn. Déi staatlech Instanzen hu sech och mat agespaant, fir déi Kläranlag am Mäertter Hafen ze garantéieren.

An och an de Gemenge war ech op d'Plaz. An ech hunn och do misse méi wéi eng Kéier mat hinne schwätzen, dass se d'accord waren, an de SİDEST ze klammen, den Ostsyndikat vu Kläranlagen, wou jo dann de President dovun, de Raymond Weydert, haut hei Rapporteur ass.

Et ass eng gutt Initiativ vun den Ostgemengen. An ech géif se och derzou oprufen, éischstens, och an anere Beräicher sech zesummenzedinn an och dat doten am Esprit ze maache vun der Réorganisation territoriale, déi mer ustriewen hei am Land. Ech hoffen, dass se elo gesinn, wéi gutt dat ass, wann een zesummeschafft, dass se dat dann och vläicht huelen, fir an anere Beräicher sech zesummenzefannen.

Et ass also wichteg, dass dat heite Beispill, wat hei gi gëtt, weidergeféiert gëtt. Et ass am Intérêt vun där ganzer Musel. An duerfir wär et och am Intérêt vun der Musel, wann och déi Gemengen aus dem Haff Réimech... Ech mengen, de Buergermeeschter vu Réimech mécht elo schonn déck Baken, mä et ass awer esou. Ech wär frou,...

► **Une voix.**- Oh, la la!

(Hilarité)

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.**- Ech wär frou,...

Am gudde Sënn vum Wuert: déck Baken. Solle mer dann esou soen: E seufzt eng Kéier?

Ech géif mer wënschen, wann hien och mat senger Gemenge ronderëm, wa si géifen de Wee an dëse flotte Syndikat fannen.

(Interruption)

► **Une voix.**- Aaaahhh!

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.**- Dat géif, mengen ech, och derzou bäidroen, dass de Waasserpräis kéint an där Regioun, wat d'Drénkwaasser an d'Ofwaasser ugeet, dass een, wann een do Synergie sicht, dee sécherlech kann drécken. An ech wëll och haut net op déi ganz Problematik agoe vum Waasserpräis a vu soss Saachen. Ech mengen, mir kréien oft genuch d'Geleeënheet, iwwert d'Waasser hei an der Chamber ze schwätzen.

Ech wëll awer dem Här Gibéryen soen, dass mer ganz kloer wëssen, wo es langgeht betreffend den Inventar vu Kläranlagen. Ech géif him och soen, e soll den Owend an déi véiert Plenar- an Informationsversammlung kommen op Nidderaanwen bei dem Raymond Weydert seng Gemeng, well do gëtt den Owend de Bilan gemaach vun de sougenannte Moosnameprogrammen.

Dat sinn am Fong geholl déi Moosnamen, déi mer mussen hei am Land huelen, fir eis Gewässer propper ze kréien op den Horizont 2015. Mir hätte jo gär chemesch an ekologesch propper Gewässer. Et ass eng Obligatioun vun der EU. An do ass den éischte Stéchdatum 2015. En zweete Stéchdatum ass 2021, an een drëtten 2028. Do hu mer also eng ganz kloer Strategie, wéi mer dat wëlle maachen. An dat wäert och nach vill Geld kaschten.

Wann Der den Owend dohinner kommt, déi Deputéierten, déi haut hei all sinn - ech wär frou, wa se kéinten zahlreich dohinner kommen -, da kréie se am Detail erkläert, firwat dass mer nach musse bis 2027 980 Milliounen Euro - ech soen et nach eng Kéier: 980 Milliounen Euro - am Waasserberäich investéieren, fir dee fit ze maache fir d'Erausforderunge vun der Directive-cadre vum Waasser vun der EU.

Dir gesitt also, mir hunn e stramme Programm, a mer hu vill Suen, déi mer nach brauchen. A mer wäerten och nach vill Diskussiounen an deem Beräich hei kréien, wéi et soll weidergoen, a wou solle Prioritéite gesat ginn a wou net.

Ech sinn och frou, dass mer mat dësem Gesetz eventuell dat Gerichtsverfahren, dat mer am Kader vun der EU-Direktiv kritt hätten, betreffend d'Kläranlage vun iwwer 10.000 Einwohnerequivalenzen, kënne heimat stoppen. Dat ass eng wichteg an eng gutt Saach, wa mer dat elo fäerdeg bréngen.

Ech wollt och nach dem Här Gibéryen zu deene Präisser, wou e gesot huet vun 10 Cents an 19 Cents, soen, dass et 10 Cents sinn a wahrscheinlech fir d'Ofwaassertax et tëschtent 12 a 14 Cents sinn. Et sinn net 19 Cents. Et ass manner. Hie kann dat net wëssen. Ech wollt him dat also informativ matdeelen. Mir hunn dat no ënne réviséiert. Mä sécherlech ginn déi Suen eleng net duer, largement net duer, fir déi 980 Milliounen, déi nach mussen investéiert ginn, fir an dësem Beräich dann eben déi Normen ze erfëllen, déi vun eis erwaart ginn. Kloer ass et, dass nach vill Sue mussen ausgi ginn an deenen nächste Joren.

Kloer ass et, wann een haut seet „Ende gut, alles gut“, ass dat sécherlech e gudde Fazit. Mä kloer ass et awer och, dass een haut net nëmme dierf an d'Hänn klappen a soen: „Et ass eng gutt Saach, dat do ënnerstëtze mer.“ Et muss ee wëssen, dass e Käschtepunkt hannendrun hänkt, dass domat de Waasserpräis och hannendrun hänkt. Mir sollten eis do zesummen un den Dësch setzen, fir ebe Léisungen ze fanne fir eist Land, dass mer am Waasserberäich eng modern, nohalteg Politik maachen, wou de Pollueur-payeur an den Utilisateur-payeur am Méttelpunkt stinn, an déi dann eben deementsprechend musse bezuelen. Dat ass, mengen ech, d'Aart a Weis, wéi een d'Waasserpolitik hei zu Lëtzebuerg sollt strécken.



Duerfir nach eng Kéier ofschléissend Merci alleguerten deene Leit, déi eng Hand mat ugepaakt hu bei dësem wichtege Projet de loi eben, deen et eis erméiglecht, definitiv och eis Ënnermusel, nodeem eis Uewermusel jo iwwer e Projet gemaach gëtt vu Perl/Besch, kënnen ze kanaliséieren. Dat ass wierklech dee richtege Wee. A wa mer an där Richtung sinn, da sinn ech gär derbäi, fir do Neel mat Käpp ze maachen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf Merci. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi. De Vote fänkt un.

(Interruption)

Ah, entschëllegt, den Här Gibéryen wollt nach eng Kéier d'Wuert kréien.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Den Här Minister hat d'éinescht gesot, ech misst jo wëssen, datt d'Gemengen zoustänneg wiere fir d'Ofwaasser.

Här Minister, ech weess dat. Ech war laang genuch do derbäi. Mä ech wollt awer soen, datt, wann d'Kläranlagen net virginn, dat meeschtens net un de Gemengen hänkt. Well d'Gemenge bezuelen 10% vun de Kläranlagen, an de Stat bezilt 90%. An d'Gemenge bauen d'Kläranlagen eréischt, wa se och wëssen, datt se déi 90% kréien. Ech war selwer 30 Joer an enger Gemengepolitik, an och mir hu 25 Joer gebraucht, net, well mer net wollten, mä well et 25 Joer gedauert huet, bis mer gréng Luucht krute vun der Regierung, datt mer och d'Sue kriten. An dunnt hu mer se gebaut.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Gutt. Merci dem Här Gibéryen. Elo komme mer awer zum Vote iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6063 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Raymond Weydert), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Lucien Clement), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. Ben Scheuer), Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Carlo Wagner), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Henri Kox), Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Den nächste Punkt ass de Projet de loi 5954 iwwert d'lerfschaftssteuer. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Etgen an Hoffmann. D'Wuert huet elo de

Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

2. 5954 - Projet de loi relatif aux droits de succession et de mutation par décès et modifiant

- la loi modifiée du 27 décembre 1817 sur le droit de succession

- la loi modifiée du 7 août 1920, sur la majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession

- la loi du 31 janvier 1921 concernant modification de l'article 22 de la loi du 7 août 1920, sur la majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession

- la loi modifiée du 13 juin 1984 portant révision de certaines dispositions législatives régissant la perception des droits d'enregistrement, de succession et de timbre

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass wuel éischer seelen, dass Ännerungen un der lerschaftssteuer op der Dagesuerdnung vun dësem héijen Haus stinn. Dat ass och gutt esou - net nëmmen am Sënn vun der Rechtssécherheet. Et verwonnert duerfir net, dass dëse Gesetzesprojet Bestëmmungen ännert, déi zum Deel op d'Joer 1817 zrëckginn.

Zweck vum Projet de loi 5954 ass et, d'Besteuerungstaxe vun dem sougenannten Droit de mutation mat deem vun der lerschaftssteuer gläichzesetzen. D'Europäesch Kommissioun huet dat an engem Schreiwes un de Lëtzebuerger Stat vum Oktober 2008 ausdrécklech verlaangt. Déi aktuell Gesetzgebung ass op verschidde Punkten net am Aklang mat de Grondfräiheete vun dem europäesche Bannemaart. Si verstéisst géint déi fräi Circulatioun vun dem Bierger an dem Kapital. An, an dësem Fall, Här President, deele mer fir eemol voll a ganz d'Positioun vun der Europäescher Kommissioun a Saachen direkt Besteuerung.

Nun, ëm wat geet et genee? De sougenannten Droit de mutation ass déi Steuer, déi ufält, wann ee bei eis am Land eng Immobilië ierft, wou de Verstuerwene säi leschte Wunnsätz am Ausland hat. Déi klassesch lerschaftssteuer, op Franséisch den Droit de succession, fält dergéint, vereinfacht gesot, un op dat, wat een ierft, wann dee Verstuerwene säi leschte Wunnsätz hei am Land hat.

Virun 200 Joer hunn dës Ënnerscheeder d'Leit wuel weineg gekëmmert. Esou grenziwwerschreidend Situatiounen waren éischer d'Ausnahm. Haut ass dat net méi en Eenzelfall. Aus enger Rei vu Grënn verschléit et och zum Deel eeler Leit, gewollt oder heiansdo ongewollt, an dat méi oder manner not Ausland, fir hire Liewensowend ze verbréngen. An do kann et bei enger lerschaft emol zu béisen Iwwerraschungen kommen. Fir d'lerschaftssteuer gëtt nämlech den effektive Wunnsätz gekuckt. Dat heescht, wou ee wierklech wunnt, an net do, wou een zum Beispill op enger fiktiver Adress ugemellt ass.

Wann e Lëtzebuerger zum Beispill zulescht am belsche Grenzgebitt gelieft huet an do stierft, da mussen seng Kanner op engem Haus oder Appartement, wat si hei am Land vun Verstuerwenen ierwen, Droit de mutation bezuelen. Hätt de Verstuerwenen dergéint säi leschte Wunnsätz hei am Land gehat, sou géif an deem Fall keng lerschaftssteuer ufalen.

Huele mer e konkret Beispill. De Verstuerwene wunnt fir d'lescht zu Arel, an d'Kanner ierwe säin Haus vu ronn 500.000 Euro Verkaufswäert zu Stengefort. An deem Fall fält zu Lëtzebuerg bei deem Wäert 4,8% Droit de mutation un. Dat wieren an deem Fall ronn 24.000 Euro, also bal eng Millioun där aler Lëtzebuerger Frang. Hätt dergéint dee gudder Mann oder déi gutt

Fra, ier se gestuerwen ass, an hirem Haus zu Stengefort oder soss hei am Land gewonnen, da bräichten d'Kanner keng lerschaftssteuer ze bezuelen, well mir hu jo bekanntlech hei am Land keng lerschaftssteuer an direkter Linn, dat heescht tëschent Elteren a Kanner oder Grousselteren an hire Kandskanner, ze bezuelen.

Dësen Ënnerscheid gëtt elo opgehuewen. Mat dem Gesetzesprojet gëtt den Droit de mutation bei enger lerschaft an direkter Linn op null gesat. Dat heescht, dass an deem virgenannte Beispill keng lerschaftssteuer an och keen Droit de mutation op engem Immeubel hei am Land méi muss bezuelt ginn. Et ass an deem Fall egal, ob dee Verstuerwene säi leschte Wunnsätz zu Lëtzebuerg oder am Ausland hat.

Här President, och bei enger lerschaft zwëschen zwee bestuetene Leit oder zwee Leit, déi méi laang wéi dräi Joer gesetzlech gepacst sinn a gemeinsam Kanner hunn, gëtt et bis elo Ënnerscheeder tëschent dem Droit de mutation an der classescher lerschaftssteuer, dem Droit de succession. De Basistaux vun dem Droit de mutation ass hei 5%. Dee gëtt mat sougenannten Zéngtel awer erhéicht, jee no Wäert vun dem Immeubel, dat verierft gëtt. Den Taux vun der lerschaftssteuer, also dem classeschen Droit de succession, ass dergéint null.

Eng Fra, déi zu Réimech vun hirem verstuerwene Mann en Haus vu 500.000 Euro Verkaufswäert ierft, wou de Mann säi leschte Wunnsätz zu Perl an Däitschland hat, misst dorops insgesamt 12%, also bal 60.000 Euro Droit de mutation bezuelen, wa keen Ehevertrag besteet, no deem den iwwerliewenden Ehepartner alles iwwerdroe kritt. Hätt de Mann dergéint säi leschte Wunnsätz hei am Land gehat, géif keng lerschaftssteuer ufalen. Och deen Ënnerscheid gëtt mat dësem Gesetz ofgeschaf. Bestuete Leit respektiv Leit, déi an engem gesetzleche Partenariat liewen a gemeinsam Kanner hunn, müssen elo keen Droit de mutation méi bezuelen.

Här President, dat sinn déi zwee Hauptpunkte vun dësem Gesetzesprojet. Déi europäesch Rechtsspriechung huet och nach zwou méi kleng Ännerungen verlaangt. Si hunn e manner fundamentale Charakter. Dës betreffe méi genee d'Berrechnungsbasis, op där den Droit de mutation gezu gëtt. Bis elo gouf den Droit de mutation op dem Verkaufswäert vun engem Immeubel berechent, ouni dass een dovunner konnt Chargen ofzéien. Bei der lerschaftssteuer dergéint gi fir d'Berrechnungsbasis d'Schulden vun deem Verstuerwene mat a Betruecht gezunn.

Mat dësem Gesetzesprojet gëtt elo och fir den Droit de mutation den Nettowäert agefouert. Et kann een deemno vun dem Bruttoverkaufswäert elo och d'Schulden ofzéien. Dëst géllt fir déi Schulden, déi duerch den Immeubel garantéiert sinn, zum Beispill mat enger Hypothék. Mä och déi Schulden, déi gemaach goufen, fir den Immeubel ze kafen oder en a Stand ze setze respektiv ze erhalen, kënnen vun dem Bruttowäert ofgezu ginn.

Schliesslech féiert de Gesetzesprojet um Niveau vum Droit de mutation en Abatement vun 38.000 Euro an. Dësen Abatement kann op dem verbleiwenden Nettowäert vum Immeubel an Zukunft och nach ofgezu ginn. D'Viraussetzung ass eng lerschaft zwëschen zwee bestuetene Leit respektiv Leit, déi zënter méi wéi dräi Joer an engem gesetzleche Partenariat liewen a keng gemeinsam Kanner hunn. Hei läit de Basistaux souwuel bei der lerschaftssteuer grad wéi beim Droit de mutation nämlech net bei null, mä bei 5%.

Zu gudder Lescht gëtt keen Droit de mutation erhuewen, wann den Nettowäert vum Immeubel ënner 1.250 Euro läit. Dës Franchise gëtt et och scho bei der classescher lerschaftssteuer.

Här President, d'Berufschamberen, déi dëse Gesetzesprojet aviséiert hunn, hunn déi virgeschloen Ännerungen alleguerten begréisst, dat net zulescht opgrond vun enger steigender Tendenz, dass weinst den héijen Immobiliepräisser hei am Land et ëmmer méi Leit déi Säit d'Grenze féiert. D'Chambre de Commerce ass an hirem Avis och op den Aspekt vun der lerschaftsplanung agaangen. Well jee no leschem

Wunnsätz vum Verstuerwenen entweder hei am Land oder am Ausland gouf et bis elo eng ënnerschiddlech Besteuerung vum engem Immeubel zu Lëtzebuerg.

De Statsrot hat sengersäits och kee Problem mat de virgeschloenen Ännerungen. A sengem Avis huet déi héich Kierperschaft eng Rei zousätzlech politesch Betruechtungen gemaach. Dës ginn zum Deel iwwert de Kontext vun dem Gesetzesprojet, deen et eigentlech ze aviséiere gouf, eraus.

De Statsrot gëtt ze bedenken, ob et vereinbar mat dem Gläichheetsprinzip vun dem Artikel 10bis vun der Verfassung wier, dass bestuete Leit respektiv Leit, déi gepacst sinn a gemeinsam Kanner hunn, keng lerschaftssteuer bezuelen, währenddeem, wa keng gemeinsam Kanner do sinn, e Basistaux vu 5% applizéiert gëtt.

De Statsrot huet deemno virgeschloen, och lerschaften tëschent bestuetene Leit respektiv Leit, déi méi wéi dräi Joer an engem Partenariat liewen a keng gemeinsam Kanner hunn, vun der lerschaftssteuer ze befreien. D'Finanzkommissioun huet op deem Punkt majoritär d'Positioun vun der Regierung gedeelt. D'Kommissioun war deemno mehrheetlech der Meenung, datt et kee Verstouss géint de Gläichheetsprinzip gëtt, well déi Leit, jee nodeems se gemeinsam Kanner oder keng gemeinsam Kanner hunn, souwuel faktesch wéi och rechtlech an zwou verschiddene Situatiounen sinn.

De Statsrot huet och nach virgeschloen, an dem Gesetzestext formell ze preziséieren, dass keng lerschaftssteuer geschëllt wier am Kader vun enger Adoption plénière. D'Finanzkommissioun wollt dësem Virschlag vum Statsrot net nokommen. Zënter 1989 gëtt et eng generell Bestëmmung an dem Code civil, déi Kanner aus enger Adoption plénière mat de Kanner aus engem Bestietnis gläichsetzt an déi och a Steiermatière spillt. Dat heescht, dass och ouni Prezisioun et kloer ass, dass Kanner aus enger Adoption plénière keng lerschaftssteuer a keen Droit de mutation hei am Land bezuelen.

Bei enger Adoption simple gëtt dergéint e Basistaux vun 9% applizéiert, well den Adoptéierten och nach lerschaftsrechter a senger Famille d'origine huet. Och an anere Besteuerungsbestëmmungen ginn duerfir Ënnerscheeder gemaach tëschent Adoption simple an Adoption plénière.

Schliesslech huet de Statsrot nach virgeschloen, am Sënn vun der steierlecher Ënnerstëtzung vun der Philanthropie lerschaften a Schenkungen fir eng Gemeng, en Établissement public, en Hospice civil, eng Fondatioun, e Culte oder eng A.s.b.l., déi als d'intérêt public unerkannt ass, vun der Steuer ze befreien. De Moment gëtt zënter der Steuerreform vom Dezember 2008 hei en Taux vu 4% applizéiert.

lerschaften oder Schenkungen, déi enger Bourse d'étude oder enger Uni respektiv enger Schoul zeguttkommen, sinn dergéint vun der lerschafts- respektiv Schenkungssteuer befreit.

D'Finanzkommissioun war hei der Meenung, dass de Virschlag vun dem Statsrot géif iwwert de Kader vun dem Gesetzesprojet erausgoen. Dës Fro muss ee gegebenenfalls an engem méi generelle Kontext ugoen.

Här President, ech verweise fir de Rescht op mäi schrëftleche Bericht, dee majoritär an der Finanzkommissioun ugeholl ginn ass. Ech soen der Direktioun vun dem Enregistrement Merci fir hir onkomplizéiert Mataarbecht an enger dach méi komplexer Matière. Ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Gilles Roth Merci. Als éischte Riedner ass den Här Fernand Etgen age droen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Félicitatiounen an een opriichtege Merci un de Rapporteur, un den Här Gilles Roth, fir säin exzellente schrëftleche Rapport a säi präzise mëndleche Virtrag. Virewech wëll ech